



buat

02 2023

GEMENG  
manternach

## Kontakt

### Secrétariat / Population /

#### Etat Civil / Facturation

Guy ROSEN  
Secrétaire communal  
Etat Civil  
Tél.: 71 01 72 – 23  
Fax: 71 08 16

### Claire PIERRET

Secrétariat / Etat Civil /  
Facturation  
Tél.: 71 01 72 – 27  
secretariat@manternach.lu

### Véronique THEWES

Secrétariat /  
Bureau de la Population  
Tél.: 71 01 72 – 21  
population@manternach.lu

Marc LOMMER  
Responsable  
service technique  
Tél.: 71 01 72 – 24

Ben THILL  
Responsable adjoint  
service technique  
Tél.: 71 01 72 – 26

Marc WANTZ  
Chargé technique  
Tél.: 71 01 72 – 25  
technique@manternach.lu

### Recette

Pit HOFFMANN  
Receveur communal  
Tél.: 71 01 72 – 22  
recette@manternach.lu

### Centre d'Incendie et de Secours

Christian WEIS  
Chef de Centre  
Tél.: 49771-4576

### Service technique

Marc LOMMER  
Préposé forestier  
Tél.: 247-56 50 2  
GSM: 621 202 133

### Service technique / Centre de recyclage

GSM: 710172-35

## Adress

3, Kierchewe, L-6850 Manternach

### Effnungszäite vun der Gemeng

Méindes, Dënsches an Donnesches:

08:00 – 12:00 an 13:30 – 17:00

Mëttwochs:

07:00 – 12:00 an 13:30 – 17:00

Freides:

08:00 – 12:00

### Op Rendez-vous

Fannet eis och op: [f manternach.lu](https://www.manternach.lu)

## Impressum

### De Gemengebuet:

Offiziell Informations-Blatt vun  
der Gemeng Manternach

### Editeur:

Schäfferot vun der  
Gemeng Manternach

### Layout / Mise en page:

Marc Wilmes Design

### Fotoen / Photos:

©Photoclub Mandiac / Edy Frières-  
Personal vun der Gemeng

### Drock / Impression:

Imprimerie Reka  
L-4835 Ehlerange

### Oplag / Tirage:

800

N°2/2023

### Redaktiounsschluss / Clôture de la rédaction:

14.07.2023



Made in Luxembourg



The use of responsible forestry  
FSC® CERTIFIED

KlimaPakt  
Wien Gemeng engagiert seit

BE PRINTED IN LUXEMBOURG

# 01

## D'Liewen an der Gemeng

Dag vum Bam SIAS	11
Fréijoersmaart	12
Nopeschfest	14
Grouss Botz	15
Holzstee	16
Nuit du Sport	17
Aweihung Syncosport	18
Nationalfeierdag	20
Kandidature fir déi berodent Kommissiounen	23
Velosmeeschterschaft	24

# 03

## De Réckbléck

Milice Nationale 1815-1839

46

# 02

## D'Aktualitéiten

Chantieren	27
Projeten	29
Walen	30
Auszeechnungen	32
Kleedersammlung	33
Wonschstär	33
Chagy-Bornen	35
Nei an der Ekip	35
App	38
Objektschutz	40
Besuch aus Neikaledonien	41
Club Senior	42

# 04

## De Klaatsch & Traatsch

Agenda	53
A Wiewesch	54
Naturaktivitéiten	55
Bestëbserfréndleche Gaart	56
Happy Birthday Mme Lies	59
État civil	60
Verstoppte Plaz	61

# 06

## De Raider

Gemengerotssätzungen

67

# 05

## Den Zäitverdreif

Gemengequiz	63
Gemengerezept	64



# Virwuer vum Buergermeeschter

*Préface par Monsieur le Bourgmestre*

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

no de Gemengewalen vum 11. Juni fänkt mat der Vereedegung vum Schäffen- a Gemengerot och fir d'Gemeng Manternach eng hei Legislaturperiod un. Ech wëll alle Biergerinnen a Bierger am Numm vun alle Gewielten e grousse Merci fir hiert Vertrauen ausdrécken. Mir wäerten als Equipe versichen, sie net ze enttäuschen. Ech felicitéieren och deenen aneren aacht Gewielte fir hir super Resultater.

Ganz besonnesch dem Jeanne, dem Marc, dem Stéphanie an dem Michael, déi nei an de Gemengerot gewielt gi sinn. Ech freeë mech op eng konstruktiv Zesummenaarbecht am Sënn vun der ganzer Gemeng mat hinnen. Ech wënschen hinnen

## Chères concitoyennes, chers concitoyens,

après les élections communales du 11 juin et les prestations de serment des membres du conseil échevinal et du conseil communal, c'est une nouvelle législature qui commence pour la commune de Manternach. Au nom de l'ensemble des élus, je tiens à adresser de sincères remerciements à l'ensemble de nos concitoyens pour la confiance qu'ils nous ont accordée. Mon équipe et moi-même, nous ferons tout notre possible pour ne pas vous décevoir.

J'en profite aussi pour féliciter les huit nouveaux élus pour les superbes scores qu'ils ont obtenus, et en particulier Jeanne, Marc, Stéphanie et Michael, qui viennent rejoindre les rangs du conseil

eng glécklech Hand a vill Freed bei der Ausübung vun dësem wichtige Mandat. Ech soen och dem Tanja an dem Rosi Merci, dass si sech de Walen gestallt hunn.

Mam alen a neie Schäfferot wäerten d'Alix, de Claude an ech déi nächst Jore weider motivéiert schaffen, fir déi Projeten, déi lancéiert gi sinn, fäerdege ze stellen an nach vill nei Iddien anzebréngen. Et ass nach ganz vill Aarbecht ze maachen a mir sinn zouversichtlech, déi an de nächste Joren gemeinsam mam ganzen Gemengerot virun ze dreiben an émzesetzen. Den Detail vun de Projeten, déi an de nächste Joren solle realiséiert ginn, wäerte mir an eiser Schäfferotserklärung publizéieren. Eis grouss Projeten bleiwen de Pompjeesbau zu Berbuerg an d'Crèche zu Manternach, déi am Hierscht dës Joer, respektiv Ufank vum nächste Joer starten. Dobäi kommen nach Stroossebauprojeten zu Manternach an zu Lelleg sou wéi ganz vill aner Iddien. Dobäi kommen nach Stroossebauprojeten zu Manternach an zu Lelleg sou wéi ganz vill aner Iddien. D'Aarbecht wäert eis deemno net ausgouen. Sou e Programm geet natierlech némmen an Zesummenaarbecht mat dem gesamte Personal vun der Gemeng. Mir hunn an de leschte Jore ganz gutt mat hinnen zesumme geschafft an ech sinn iwwerzeegt, dass mir dat och weider kënnen sou

communal. Je me réjouis de pouvoir collaborer étroitement avec cette nouvelle équipe et je souhaite bonne chance à toutes et à tous ainsi que beaucoup de joie dans l'exercice de ces importants mandats. Je remercie également Tanja et Rosi, qui se sont aussi portées candidates aux élections.

Alix, Claude et moi-même, nous nous réjouissons de pouvoir collaborer les prochaines années avec ce nouveau conseil communal motivé, afin de mener à bien tous les projets qui ont été lancés et d'en proposer d'autres encore. Il reste en effet du pain sur la planche, et nous sommes convaincus qu'avec le soutien du conseil communal, nous pourrons faire du bon travail au cours des prochaines années. Le détail des projets qui seront réalisés sera présenté dans la déclaration du conseil échevinal. Parmi nos grands projets, citons le bâtiment qui accueillera les pompiers à Berbourg ainsi que la crèche de Manternach, dont la construction devrait démarrer en automne respectivement début de l'année prochaine. À ces projets viennent s'ajouter encore d'autres initiatives comme des aménagements routiers, notamment à Manternach et à Lellig. Bref, le travail ne manquera pas. Un tel programme ne peut cependant être réalisé qu'avec le soutien de l'ensemble du personnel communal. La collaboration a été excellente ces dernières années, et nous sommes convaincus

“

E grousse  
Merci

oprecht erhalten. Hinnen e grousse Merci fir déi exzellent Zesummenarbecht.

Ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, an de Gemengeréit, déi an de nächste Joren aus diverse Grënn net méi dobäi sinn, e grousse Merci am Numm vun alle Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng soen. Merci dem Alice, dem Isabelle, dem Rosi an dem Roby fir hiert Engagement an déi konstruktiv Zesummenarbecht an de leschte Joren.

Mir wäerten deemnächst och een Appell lancéieren, fir an eise verschiddene berodende Kommissioune matzeschaffen. Dëst ass eng wichteg Aufgab a mir hoffen, dass sech vill motivéiert Biergerinnen a Bierger fannen, fir hei eng Hand mat unzepaken. Och an enger Kommissiou kann ee vill erreechen an de Schäfferot wäert versichen, de Kommissiounen an de nächste Joren nach eng méi grouss Valeur ze ginn, wéi dat an de leschte Joren de Fall war. Dofir: Avis aux Amateurs.

Mir haten och an de leschte Woche rëm eng ganz Partie flott Eventer an der Gemeng, mat virop dem KM-Maart an de Landesmeeschterschaften am Cyclissem, déi allebéid e grousse Succès waren. Mir sinn émmer rëm houfreg, sou een aktiivt Veräinsliewen an eisen Dierfer ze hunn an énnerstëtzen dat Engagement natierlech, wou mer kënnen. De Benevolat ass keng Selbstverständlichkeit méi, an dofir si mir vrou, bei alle Festivitéiten op vill fräiwëlleig Hänn kënnen ze zielen. Merci.

Ech wünschen lech vill Freed bei Liesen an Duerchkucke vum nie Buet. Wann dir Froen oder Suggestiounen hutt, kennt dir mir gäre schreiwen: [jean-pierre.hoffmann@manternach.lu](mailto:jean-pierre.hoffmann@manternach.lu).

**Jempi Hoffmann**  
Buergermeeschter / Bourgmestre


qu'elle se poursuivra. Je tiens à remercier le personnel pour son excellent esprit de collaboration.

Je souhaite également saisir l'occasion pour remercier, au nom de tous les habitants de la commune, les conseillères et conseillers communaux qui, pour diverses raisons, ne poursuivrons pas l'aventure dans les prochaines années. Merci à Alice, Isabelle, Rosi et Roby pour leur engagement et leur excellente collaboration des dernières années.

Nous souhaitons encore lancer un appel à toutes les bonnes volontés qui souhaiteraient rejoindre nos commissions consultatives. Leur rôle est en effet important, et nous espérons que de nombreux habitants motivés pourront leur prêter main forte. Siéger au sein d'une commission, c'est aussi réaliser un travail considérable, et le conseil échevinal veillera à renforcer encore le rôle de ces commissions. En clair: avis aux amateurs!

Au cours des dernières semaines, notre commune à une nouvelle fois accueilli une série de manifestations géniales, dont le «KM-Maart» et le championnat national de cyclisme, qui ont tous deux connu un véritable succès. Nous sommes très fiers de pouvoir compter sur une telle vie associative dans nos villages, et nous tenons à la soutenir dès que nous sommes en mesure de le faire. Le bénévolat, cela ne va plus nécessairement de soi à notre époque, et nous sommes donc heureux de pouvoir compter sur autant de bénévoles à l'occasion des festivités. Encore merci!

Je vous souhaite beaucoup de plaisir à la lecture de ce numéro du bulletin communal. Si vous avez des questions ou des suggestions, n'hésitez pas à m'écrire: [jean-pierre.hoffmann@manternach.lu](mailto:jean-pierre.hoffmann@manternach.lu).





# D'Liewen an der Gemeng

GEMENG  
manternach

## Dag vum Bam SIAS

SIAS – Journée de l'arbre



Am Kader vum 20. Gebuertsdag vun der Biologescher Statioun SIAS war den 3. Mäerz 2023, a Präsenz vun der Madame Emweltministesch Joëlle Welfring eng kleng Feier an engem ale Bierebongert téscht Berbuerg a Wecker.

### Um Programm:

flott Naturschutzaktivitéite ronderëm de Bongert, Informatiounen iwwert d'Naturschutzaarbechten an de Bongerten, Wëssenswäertes iwwert de Steekauz, dem säi Liewensraum de Bongert ass, an, als Highlight: D'Planze vun 20 Uebstbeam!

*Dans le cadre du 20<sup>e</sup> anniversaire de la Station Biologique SIAS, une petite fête a eu lieu dans un ancien verger aux poires entre Berbourg et Wecker, le 3 mars 2023, en présence de Madame la Ministre de l'Environnement, Joëlle Welfring.*

### Au programme:

*de belles activités de protection de la nature autour du verger, des informations sur les travaux de protection de la nature, des faits intéressants sur la chouette chevêche, qui vit principalement, et, en point d'orgue: La plantation de 20 arbres fruitiers!*



# Fréijoersmaart

De 14. Mee 2023 war zu Manternach a Wiewesch Fréijoersmaart.

**Op ville flotte Stänn war vun allem gebueden:**

- regional Produkter
- lessen a Gedrénks
- Alles ronderëm de Gaart mat Berodung a Gaardeplanzen
- Kanneraktivitéiten

Le « Fréijoersmaart » a eu lieu au Centre d'accueil a Wiewesch a Manternach en date du 14 mai.

**Sur de nombreux stands sympas, les visiteurs ont pu trouver:**

- des produits régionaux
- de la nourriture et des boissons
- tout autour du jardin avec conseils et plantes de jardin
- des activités pour enfants



# Nopeschfest



De 26. Mee 2023 war erëm Nopeschfest an der Gemeng Manternach. Hei fannt dir e puer Andréck vu Berbuerg a vu Manternach, wou an der Rue Nicolas Wagner, der Steekaul, an der Syrdallstrooss, a Feeschtesch an op anere Plazen d'Noperen e flotten Owend matenee verbruecht hunn.



En date du 26 mai 2023 a eu lieu la Fête des voisins dans la Commune de Manternach. À Berbourg et à Manternach, les voisins des rues Nicolas Wagner, Steekaul, Syrdallstrooss, à Feeschtesch et d'autres endroits **se sont réunis pour passer une agréable soirée ensembles.**




# Grouss Botz



Den 11. Mäerz 2023 war déi traditionell Grouss Botz an der Gemeng Manternach.  
**Mir soen alle Leit Merci, déi gehollef hunn, eis Gemeng propper ze halen.**

La traditionnelle « Grouss Botz » dans la Commune de Manternach a eu lieu le 11 mars 2023.  
**Merci à tous les habitants qui ont aidé à nettoyer la commune.**



# Holzstee vum 29. Abrëll

Vente aux enchères de bois du 29 avril 2023



# Nuit du Sport

Den 13. Mee 2023 war zu Berbuerg nees Nuit du Sport. Och wann d'Wieder dëst Joer net esou matgespilt huet, gouf et awer erëm vill Spaass fir Grouss a Kleng. Merci un eis Veräiner, déi sech èrem vill flott Atelierien afaale gelooss hunn.

Une nouvelle édition de la Nuit du Sport a eu lieu à Berbourg en date du 13 mai 2023. Même si le temps n'a pas coopéré cette année, il y avait encore beaucoup de plaisir pour petits et grands.

Merci à nos clubs, qui ont encore une fois organisé de nombreux ateliers de qualité.



# Aweiung Synecosport

## Inauguration Synecosport

De 5. Mee 2023 sinn zu Berbuerg um Schoulsite eng Rei nei Projet'en vum Synecosport agewiit ginn, déi an de leschte Jore réaliséiert goufen:

- fir d'Sécherheet vun de Kanner um Schoulsite ze verbesseren, ass e neit Sécherheetskonzept erstallt an e neie Parking aménagéiert ginn
- fir de Kanner um Site niewent dem schouleschen Alldag méi Freed a Spaass ze bereeden, sinn eng nei Spillplaz an den Airtramp dobei komm - fir de Schoulsport an awer och d'Sportsveräiner ass d'Sportshal (Buedem, Vestiairen an Tribünen) erneiert ginn

Weider Projete wéi de Schoulgaart sinn um Gaange réaliséiert ze ginn.



D'Aweiung ass vu flotten Opféierunge vun de Schoulkanner encadréiert ginn. E grousse Merci un si.

Fotoen: © Marc Mersch an Edy Frieres




Le 5 mai 2023 a eu lieu l'inauguration de divers projets réalisés au cours de années passées au site scolaire du Synecosport.

- un concept de sécurité a été élaboré et un nouveau parking a été aménagé afin d'améliorer la sécurité des enfants au site;
  - pour apporter plus de joie aux enfants à l'école, une nouvelle aire de jeux et un Airtramp ont été installés;
  - pour les sports scolaires mais aussi les clubs sportifs, la salle des sports (sol, vestiaires et tribunes) a été rénovée
- D'autres projets tels que le jardin scolaire sont en cours de réalisation.

L'inauguration a été encadrée par de belles prestations des écoliers, un grand merci à eux.

Photos: © Marc Mersch et Edy Frieres



# Nationalfeierdag

Fête Nationale



Den 22. Juni waren an der Gemeng Manternach déi traditionnel Feierlechkeeten vum **Nationalfeierdag**, dëst Joer mat Te Deum an Empfang zu Lelleg.

En date du 22 juin, les festivités autour de la **Fête Nationale** ont eu lieu à Lellig.



D'Ried vum Här Buergermeeschter Jempi Hoffmann



Léif Alleguer,

Mir sinn haut um Virowend vun Nationalfeierdag zesumme komm, fir dése wichtegen Datum an eisem Land uerdentlech ze feieren. Et ass een Dag, op deem mir eis Verbonnenheet mat eisem Heemechtsland weisen an eisen Houfert fir dëst Land. En Houfert op eis Demokratie, op eis Fräiheit an op eise Fridden. All dat ass net selbstverständlech an dofir si mir émsou méi frou, fir dës Wäerter haut ze feieren. Mir sollten dobäi awer net vergiessen, dass et vill Länner op der Welt ginn, an deenen d'Leit net a Fräiheit an a Fridden lieuen. Leit, déi frou wieren, wann se kéinten hei a besonnesch an der Fräiheit an am Fridden wunnen. Et si Leit, déi eis Hëlfel brauchen an deene mir och sollen hëllefien. De Krich an der Ukrain hält nach émmer un a gehiéiert mëttlerweil leider scho bal zur „Normalitéit“. An och op villen anere Platzen op der Welt musse Leit e schrecklecht Leed erliewen a mir sollte si net vergiessen. Et ass haut e Feierdag vun alle Lëtzebuerger, an awer och alle net-Lëtzebuerger, déi bei eis wunnen, schaffen a lieuen. Si hu Lëtzebuerg gär, wéi mir och.

Mir sinn houfreg op eist Land an op eise Grand-Duc. Hien a seng Famill sti fir d'Eenheet vum Land, fir e Land dat mir gären hunn a fir dat mir eis voller Freed asetzen. Mir si frou dass hien sech fir eis Land am In an am Ausland asetzt. Haut den Owend dass hie beispillsweis zu Gréiwemaacher, wou sech ganz vill Leit versammelt hunn, fir hien ze begréissen.

Mir lieuen a Lëtzebuerg an engem multikulturelle Land, an dat mécht eis Gesellschaft esou räich a liewenswäert. Och an eiser Gemeng ginn et vill verschidde Nationalitéiten an dat ass gutt esou. Mir sollten deemno houfreg sinn op dës Villfältegkeet a frou sinn, dass sou vill Leit aus aller Welt wëlle bei eis wunnen a schaffe kommen. Si sinn definitiv eng Plus-Value fir eist Land an huele kengem eppes ewech. Mir sollten deemno och versichen, si sou gutt et geet ze intégréieren, mat hinnen ze lieuen a sech géigesäiteg ze respektéieren. Nëmmen esou bréngé mir et fäerdege, gemeinsam e gutt Liewen ze féieren. De géigesäitege Respekt ass leider haut net méi iwverall ze spieren. Op de soziale

# Vive eist Land!



Medie gëtt ganz oft, an dat net seelen anonym, iwwerteneen hiergefuer. Dat ass schued a muss gebremst ginn. Et gëtt ëmmer méi Mobbing an de Schoulen an eben och an de soziale Medien. Rezent Beispiller weisen dat leider ganz däitlech.

Dat mécht een einfach nämmen traureg. Dofir solle mir kucken, gemeinsam an am géigesäitege Respekt a Solidaritéit mateneen ze liewen. Dat si Wärter, fir déi mir sollte stoen. Dat sinn déi Wärter, déi eist Land an och d'EU sollen an Zukunft ausmaachen. Domat solle mir eis vun aneren ofhiewen. An net duerch e géigesäitegt Diskriminéieren an Ausschleissen, well domat ass kengem e Gefale gemaach. Mir müssen als Gesellschaft zesummen halen an eis net auserneen dreiben.

Mir können eise Slogan „**Mir wölle bleiwe wat mir sinn**“ just anhalen, wann mir eis och weiderhin déi inklusiv Identitéit ginn, zesummen halen an net excluéieren. Nämnen esou si mir weiderhin als EU an och als klengt Land an der EU staark. Dat Gefill vum Mateneen, fir dat och eis Groussherzoglech Famill steet, musse mir erém méi an de Vierdergrond stellen. Ech sinn d'lescht Joer op déi wonnerbar Solidaritéit téschent de Leit agaangen, an dat souwuel während der Corona-Pandemie, wéi dem Ukrain-Krich wéi och de schrecklechen Naturkatastrophen hei am Land.

Dat Gefill vun der Solidaritéit, dem Mateneen däarf elo, wou verschidde Krise weit ewech schéngen, net erém verluer goen. Dat wier op alle Fall ganz schued.

Dat gëllt natierlech och fir d'Léift zu eiser schéiner Natur an de Schutz vum Klima. Vill Leit si sech deem an de leschte Jore bewosst ginn, an dat ass gutt esou. Och dës nohalte Gedanke sollen net a Vergiessenheit geroden a mir wëllen als Gemeng weider, wéi an de leschte Joren, eng Virreiderroll am Klima- a Naturschutz spiller, ouni dat eent géint dat anert auszespillen.

An all déi Wärter, iwwer déi ech virdru geschwat hunn, zielen natierlech och fir eis Gemeng. Ech wöll net ze vill op déi rezent Walen agoen mee ech wöll de Wielerinnen a Wieler awer e grousse Merci soen, fir dat grousst Vertrauen, dat si alle Gewielte geschenkt hunn. Ech wöll de Neigewielte fir hiert exzellent Resultat felicitéieren a sinn iwwerzeegt, dass mir an de nächste Jore gutt zesummen am Senn vun de Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Manternach schaffen. Ech wöll och vun der Geleeënheet profitéieren, fir deenen, déi an de leschte Joren am Gemengerot waren an et an Zukunft net méi wäerte sinn **e grousse Merci fir hir geleeschten Aarbecht** soen. Merci Rosi, Merci Alice, Merci

Isabelle a Merci Roby. En uerdentleche Merci kënnt dann op der Neijoerschreceptioun no.

Wéi gesot ass et un eis Politiker, fir gemeinsam Léisungen am Senn vun der Gemeng ze fannen. Mir sinn alleguer gewielt, fir eis fir d'Gemeng anzebréngten. Keen ass gewielt fir sech just fir Manternach, just fir Lelleg, just fir Berbuerg oder just fir Mënjecker anzesetzen. Et gi scho laang keng Sektionen méi an ech Hoffen, dass dat Denken och iergendwann aus de leschte Käpp verschwonnen ass. Mir versiche gemeinsam a konstruktive Reuniounen no Léisunge fir all d'Bierger aus de véier Dierfer aus der Gemeng ze sichen. Dat muss eis Zil sinn. Natierlech wäerte mir eis net émmer eens sinn, mee aner Meenungen ze akzeptéieren an dann zesummen ee Konsens ze fannen, dat mécht och eng staark Demokratie aus. Sécherlech wäert och net jiddereen alles gutt fanne wat mer maachen. Soss wär et ze einfach. Mee da kann een dës Meenung am géigesäitege Respekt ausdrécken, an och mol aner Meenungen akzeptéieren.

Ech wöll vun der Geleeënheet profitéieren an e puer weider Mercien lassginn: de Lelleg-Veräiner, déi den Owend hei engagiert sinn, de Lelleg-Manternacher Gesank fir d'Sangen um Te Deum, dem Här Dechen, de Vertrieder vum CIS Manternach fir hiren Asaz dat ganzt Joer iwwer, der Bech-Berbuerger Musek fir de musikaleschen Encadrement haut den Owend, dem Alix an dem Ben fir d'Koordinatioun vun de Festivitéiten, dem ganze Personal vun der Gemeng fir déi gutt Zesummenaarbecht.

**Ech wünschen lech alleguer, Äre Familljen an och därgrousser Famill, déi mir Lëtzebuerg nennen, ee schéinen an erhuelsamen Nationalfeierdag!**

**Vive eise Nationalfeierdag!**

**Vive de Grand-Duc Henri an déi ganz groussherzoglech Famill!**

**A Vive eist Land!**



# Kandidature fir déi berodent Kommissiounen

*Candidatures pour les commissions consultatives de la Commune de Manternach*

D'Awunner vun der Gemeng Manternach können hir **Kandidature** fir déi berodent Kommissioune bis den **12. September 2023** erareechen (méi Kandidature si méiglech).

D'Oplëschung vun de Kommissiounen an de Formulaire fir auszefällen fannt dir op [www.manternach.lu/actualites](http://www.manternach.lu/actualites)

*Les habitants de la commune de Manternach peuvent poser leurs candidatures aux différentes commissions consultatives jusqu'au **12 septembre 2023** (plusieurs candidatures sont possibles).*

*Le détail sur les différentes commissions ainsi que le formulaire à remplir sont disponibles sur notre site internet [www.manternach.lu/actualites](http://www.manternach.lu/actualites)*



# Velosmeeschterschaft

*Championnats nationaux de cyclisme*



D'Landesmeeschterschaften am Cyclussem sinn dëst Joer den 21., 24. a 25. Juni an der Gemeng Manternach gefuer ginn. Mëttwochs, den 21. Juni ass et lass gaange mam Zäitfueren, wou den **Alex Kirsch** an d'**Christine Majeurs** sech d'Champions-Titele geséchert hunn. Samschdes, de 24. Juni sinn d'Coursé vun der Jugend an de Masters gefuer ginn, éiert Sonndes de 25. Juni, bei ganz **waarmen Temperaturen**, d'**Stroossecourse** um Programm stoung. Och hei hunn den **Alex Kirsch** an d'**Christine Majerus** sech nees duerchgesat.

De ganze Weekend iwwer war vill lass zu Berbuerg. **Villmools Merci** un d'Vélosfederatioun an de Karibu, d'Entente vun de Berbuerg Verän an de Service technique vun der Gemeng Manternach fir déi flott Organisatioun an dee reiungslosen Ofiav vun dësem Event.



*Les championnats nationaux de cyclisme se sont déroulés cette année les 21, 24 et 25 juin dans la commune de Manternach. Le mercredi 21 juin, ils ont commencé par le contre-la-montre, où **Alex Kirsch** et **Christine Majeurs** ont remporté les titres de champion. Le samedi 24 juin, les courses des jeunes et Masters se sont déroulés, avant que les **courses de route** étaient au programme le dimanche 25 juin, sous **des températures très chaudes**. De nouveau, **Alex Kirsch** et **Christine Majerus** se sont imposés.*

*Pendant tout le week-end il y avait une ambiance excellente à Berbourg. **Un grand merci** à la fédération cycliste et au Karibu, à l'Entente des associations de Berbourg et au service technique de la commune de Manternach pour l'organisation et le bon déroulement de cet événement.*





# D'Aktualitéiten


## Chantieren

### Lelleg

De Chantier zu Lelleg ass am Mäerz lass gaangen an d'Aarbechte gi gutt virun. D'Renatüreierung vun der Ousterbaach ass ofgeschloss an d'Aarbechte fir de Reewaasserkanal, enger neier Waasserleitung a Gainen fir Creos, Eltrona an Post sinn amgaang.

### Lellig

Le chantier à Lellig a été entamé en mars et les travaux avancent bien. La renaturation de l'Osterbaach est terminée et les travaux sur le réseau d'eau de pluie, l'installation d'une nouvelle conduite d'eau et des gaines pour Creos, Eltrona et Post sont en cours.





## Mënjecker

De Chantier zu Mënjecker ass bis op de Marquage vun den Stroossen ofgeschloss. Den Eclairage public gëtt dëst Joer nach op LED émgerüst an den Tapis vum CR 137 a Richtung Manternach gëtt erneiert soubal d'Uschléss fir den neien PAP realiséiert sinn.



## Münschecker

*Le chantier de Münschecker a pu être achevé à l'exception du marquage des routes. L'éclairage public sera converti en LED encore cette année et le tapis du CR 137 en direction de Manternach sera renouvelé dès que les raccordements pour le nouveau PAP seront réalisés.*




## Schoulgaardt

Am Schoulgaardt ass d'Haischen bal färdig gebaut. D'Hochbeeter si färdig a sinn och scho beplantz. Déi grouss Beeter um Buedem ginn ugeluecht soubal d'Aarbechte mat de grousse Gefierer ofgeschloss sinn.



## Jardin de l'école

*Les travaux sur la remise dans le jardin de l'école sont presque terminés. Les lits surélevés sont prêts et ont déjà été plantées. Les grands lits au sol seront posés dès que les travaux avec les gros véhicules seront terminés.*



# Crèche „bei de Fiissercher“

Geplante Bauphas  
09/2023 – 05/2025

GEMENG  
manternach



- Crèche mat Platz fir 64 Kanner
- Neie Parking mat 21 Stellplazen
- Heizzentral mat Nahwärmennetz fir 4 Gebaier




Weider Informationen  
op [www.manternach.lu](http://www.manternach.lu)



## Neie Pompjeesbau

Geplante Bauphas  
09/2023 – 04/2025

GEMENG  
manternach



- Pompjeesbau fir de CIS Manternach
- Heizzentral mat Nahwärmennetz fir de Site SYNECO an de Centre Culturel Beaurepaire



Weider Informationen  
op [www.manternach.lu](http://www.manternach.lu)



# Walen 2023

## Élections 2023

### De neie Gemengerot

Le nouveau conseil communal



**Jempi Hoffmann**  
Buergermeeschter / Bourgmestre



**Claude Theisen**  
1. Schäffen / 1<sup>er</sup> échevin



**Alix Klein-Ungeheuer**  
2. Schäffen / 2<sup>e</sup> échevin



**Jeanne Leruth**



**Fränk Hellers**



**Marc Schoellen**



**Henriette Klein-Seil**



**Stéphanie Gretsch**



**Michael Ibendahl**



Den 3. Juli 2023 ass den neie Schäfferot vun  
der **Madame Minister Taina Bofferding**  
vereedegt ginn.

Uschléissend huet den Här Buergermeeschter  
Jempi Hoffmann d'Membere vum Gemengerot  
op der Gemeng vereedegt.

Le 3 juillet 2023 le nouveau collège échevinal  
a été **assermenté par Madame la Ministre**  
**Tainia Bofferding**.

Peu après, Monsieur le Bourgmestre Jean-Pierre  
Hoffmann a procédé à l'assermentation des  
membres du nouveau conseil communal.

# Auszeichnungen



## De gëllenen Drëpsi-Label

D'Gemeng Manternach huet vum Émweltministär de gëllenen Drëpsi-Label fir seng Effort'en um Waasserréseau iwwerreeschkt kritt.

*La commune de Manternach a reçu le label « Drëpsi » en or du ministère de l'Environnement pour ses efforts sur le réseau d'eau.*



## Klimapakt Award

Beim Klimapakt huet d'Gemeng Manternach e Score vu 57.7% realiséert an ass sou mat der Certificatioun „Categorie 2“ ausgezeichnet ginn.

*Etant donné que la Commune de Manternach a réalisé un score de 57.7%, elle s'est vu octroyer la certification « Catégorie 2 »*



## Naturpakt Award

Beim Naturpakt huet d'Gemeng Manternach e Score vu 47.51% realiséert an huet d'Certification de base kritt.

*La Commune de Manternach a réalisé un score de 47.51% et s'est vu octroyer la Certification de base.*

**E grousse Merci un eist Climateam fir hir Efforten an dése Beräicher**

*Un grand Merci aux membres du Climateam pour leurs efforts*




## Kleeder-sammlung

**132,16kg**

**Kleeder goufen agesammelt!**

*De vêtements ont été récoltés!*



## Wonschstär




**3.720€**

**sinn vun der Gemeng un d' Fondation Wonschstär gespend ginn.**

*C'est la somme du don que la commune à transféré à la Fondation Wonschstär.*





**Let the sunshine in.**

D'Subside fir Solarenergie waren nach ni esou favorabel.

[www.klima-agence.lu](http://www.klima-agence.lu)

An Zesummenarbecht mat:

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du territoire

klima agence

CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG

OAI  
ORGANISATION DES ARTISANS ET DES MÉTIERS

FÉDÉRATION DES ARTISANS

Nei / Nouveau

# Chargy-Bornen

Bornes «Chargy» à Manternach et Berbourg

Zu Manternach bei der Gemeng an zu Berbourg um Parking bei der Schoul sinn nei Chargy-Bornen a Betrieb geholl ginn.  
De nouvelles bornes Chargy ont été installées à Manternach au parking de la Mairie et à Berbourg au parking près de l'école.




## Wëllkomm an der Ekipp!

Bienvenue dans l'équipe!



Ich heiße **Alexander Pauly**, bin 41 Jahre alt, verheiratet und habe 3 Kinder. Ich bin gelernter Energieelektroniker und seit dem 01.08.2022 bei der Gemeinde Manternach beschäftigt. Ich bin für den elektrischen Aufgabenbereich zuständig sowie für alle weiteren anfallenden Gemeindearbeiten.



Mäin Numm ass **Max Welter**, ech sinn 23 Joer al an vun Beruff geléierten Konstruktiounsschlässer. Meng Funktioun hei an der Gemeng sinn haapsächlech Arbeschten um Drénkwaasser-Reseau. Ech gehéieren säit dem 1. Oktober 2022 zu der Equipe vum Service Technique an freeë mech op nach vill weider Joren hei an der Gemeng Manternach.



Ech sinn de **Pascal Mergen**, 31 Joer al a wunnen an der Gemeng Manternach. Ech hunn eng Léier als Autos-Mécatronicien gemaach an hunn 12 Joer an dësem Beruff geschafft. Zénter Oktober 2022 sinn ech Deel vum Service Technique Team an der Gemeng Manternach, wou ech d'Gärtner énnerstëtzen, mee ech sinn och do fir aner Aarbechten déi ustinn.



# Erlebe Manternach

Découvrez Manternach  
Discover Manternach

Die Umgebung von Manternach bietet **49,5 km Wanderwege**, zum großen Teil durch das Natura 2000 Gebiet «**Manternacher Fiels**» und den **Wald von Berburg**, liebevoll gepflegt von den beiden lokalen Syndicats d'Initiatives.

Les environs de Manternach offrent **49,5 km de sentiers de randonnées**, en grande partie à travers la région appelée «**Manternacher Fiels**» et le **bois de Berbourg**, entretenus par les deux Syndicats d'initiatives locaux.


The surroundings of Manternach offer **49,5 km of hiking trails**, mostly through the Natura 2000 area «**Manternacher Fiels**» and the **wood of Berbourg** and carefully maintained by the two local Syndicats d'Initiatives.



Auf den abwechslungsreichen Wanderwegen in der Gemeinde Manternach entdeckt der Wanderer viel unberührte Natur, den größten Schluchtwald Luxemburgs mit seltenen Pflanzenarten, Muschelkalkformationen, romantischen Winkeln mit einladenden Ruhebänken und sogar einen Weinberg mitten im Wald. Liebhabern von Waldspaziergängen ist ebenfalls der Berburger Eichen und Mischwald zu empfehlen sowie eine ausgedehnte Tour entlang Wiesen und Felder.

Le randonneur découvre une nature intacte, la plus vaste forêt à canyons du pays avec de nombreuses plantes rares, des coins romantiques, des bancs invitant à faire une pause et un vignoble apparaissant en pleine forêt. Pour les amateurs de promenades en forêt, il est également recommandé de visiter les chênes et la forêt mixte de Berbourg, ainsi qu'une promenade le long des prairies et des champs.

On his hiking trails the wanderer will discover an untouched nature, the largest canyon forest in Luxembourg, **rare plant species**, **shell limestone rocks**, **romantic corners with inviting benches and even a vineyard in the middle of the forest**. For lovers of forest walks the Berbourger oak and mixed forest and an extensive tour along meadows and fields are also recommended.






Nei / Nouveau

# Manternach-App

Au plus près de votre commune



Toutes les infos en un clin d'oeil



Ne ratez plus aucun évènement



Téléchargez-la dès maintenant:



Android – Google Play



Apple – Appstore

ÄERT KAND HUET SCHWIEREGKEETE BEIM LÉIEREN ?  
Da went lech un de SUPER SENIOR!

VOTRE ENFANT A DES DIFFICULTÉS SCOLAIRES ?  
Faites appel au SUPER SENIOR !

DOES YOUR CHILD HAVE LEARNING DIFFICULTIES?  
Call on the SUPER SENIOR !

MECISL asbl l'égalité des chances  
... pour tous!

COORDINATION & CONTACT:  
9, rue André Duchscher | L-6434 Echternach  
Tél.: 26 72 00 35 | 621 66 92 12  
info@mecasbl.lu

www.mecasbl.lu

BUREAU D'INFORMATION POUR LES MÉTIERS

FINALISTE

GEMEINDE MUNSTER

GEMEINDE MUNSTER

VILLE DE REMICH





# Objektschutz

*Protection d'objets*

Ab elo kann all Bierger, dee Problemer mat Reewaasser bei Staarkreen huet, sech bei der Gemeng mellen fir eng Objektschutzberodung vun sengem Haus unzefroen. D'Käschten vun der individueller Objektschutzberodung, déi vun engem Bureau d'Études duerchgefouert gëtt, gi vun der Gemeng gedroen.

Vun der Objektschutzberodung kënne just déi Haushalter profitéieren, déi entweder betraff sinn op Basis vun de Staarkreenkarten oder eng Betraffenheet kënnen nowisen.

*Désormais, tout citoyen ayant des problèmes avec les eaux de pluie lors de pluies battantes, peut contacter la Commune pour demander un conseil de protection des biens pour sa maison. Les frais de la consultation individuelle de protection des objets, qui est réalisée par un bureau d'études, sont à charge de la commune.*

*Seuls les propriétaires qui sont concernés à base des cartes élaborées, soit qui peuvent prouver par d'autres moyens qu'ils sont concernés, peuvent bénéficier de ce conseil.*

## Kontakt Service Technique:

Marc Lommer  
Tel.: 710172-24  
[technique@manternach.lu](mailto:technique@manternach.lu)

*Détailier fannet Dir hei:  
Trouvez les détails ici:*



# Besuch aus Neukaledonien

## Famill Metzdorf aus Neukaledonien

Den 13. Juni sinn de Claude Metzdorf mat senger Fra Yasmina aus Neukaledonien, Südpazifik, op der Gemeng empfaange ginn. Si waren zu Nëttel a Fluessweiler op der Sich no hire Vifare mam Numm Metzdorf, an haten erausfonnt, datt et och eng Famill Metzdorf zu Berbuerg ginn ass.

Et war zwar ganz wäitleefeg Famill, an awer wollten d'Leit eppes iwver d'Famill vu Berbuerg gewuer ginn.

Als Merci fir dee léiwe Besuch an als Unerkennung fir déi laang Rees, déi si op sech geholl haten, krute si e klengen Dossier vun allem wat am Archiv iwver d'Metzdorf Famill vu Berbuerg ze fanne war. Ënner anerem Fotoe vum Haff, deen do stoung, wou haut d'Duerfplatz ass, dem Graf, wat nach um Kierfecht besteet, Kopië vun de Vollekszielunge vun 1843-1923 an 2 Fotoe vun den zwee bekanntste Metzdorfe vu Berbuerg.

Een dovunner ass schonn an engem Buet virgestallt ginn: De Johann Metzdorf (1836-1909), éischte President vun der Berbuerger Musek. En aneren nach méi bekannte Metzdorf war sain Neveu, deen och Johann Metzdorf (1890-1968) geheescht huet. Hien war Conseiller du Gouvernement.

Wéi si dunn nach gezielt kritt hunn, dass dem Här Conseiller du Gouvernement seng Ur-Ur-Groussmamm d'Marie Eve Ludovine Charlotte, Baronne d'Arnoult et de Soleuvre, eng direkt Nofollgerin vun der Berbuerger Buerghäre war, a mam François Joseph de Waha, capitaine au régiment des dragons d'Arenberg am Joer 1789 zu Berbuerg bestuet ginn ass, war d'Begeeschterung natierlech ganz grouss.

Nodeems hinnen dunn och nach erklärt ginn ass, datt hier Haus éier e Schlass war an haut nach besteet, hu si sech direkt op de Wee gemaach, fir sech d'Haaptmann's Schlass, wat jo haut d'Altersheem zu Berbuerg ass, ukucken ze goen.

